



**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Intagratioun op d'parlamentaresch Fro n°5469
vum Här Deputéierte Fred Keup**

Generell férdert de Familljeministère den Accès zu senge konventionéierte Servicier esouwuel fir Fra'en ewéi och fir Männer. Fra'en déi op der Strooss liewen, sinn awer besonnesch vulnerabel souwuel kierperlech ewéi och psychesch. Opgrond vun hiren Erfarungen op der Strooss, meiden dës Fra'en och dacks gemëschte Strukturen, wou de Männerundeel dominéiert.

Aus dësen Ursachen a fir de betraffene Fra'en eng adaptéiert Prise en charge ze bidden, gi Strukturen developpéiert, déi sech exklusiv u Fra'en adresséieren an hir spezifesch Besoin'en en Consideratioun huelen.

De Familljeministère wäert awer och weiderhin a Projeten investéieren, déi souwuel fir Fra'en ewéi fir Männer accessibel sinn.

Aktuell ënnerstëtzt de Familljeministère finanziell eng Rei un Urgence-Strukturen am Obdachloseberäich, déi souwuel fir Fra'en ewéi och fir Männer zougänglech sinn, ewéi zum Beispill d'Halte de nuit « L'Espoir » vun der Caritas, d'Halte de nuit « Nightshelter » vun der Croix-Rouge, de Centre Ulysse vun der Caritas, de Foyer Abrisud vun der Stad Esch oder nach d'Wanteraktioun, déi vun der Dräieck asbl geréiert gëtt.

Wat d'Housing-First-Projet'en ugeet, sinn all d'Strukturen déi aktuell nom Housing-First-Prinzip funktionéieren, esou wuel fir Männer ewéi fir Fraen accessibel. Dozou gehéiert zum Beispill een Housing-First-Projet vum Comité national de défense sociale (CNDS) mat 27 Wunnengen. 2021 konnte mat deem Projet 31 Persoune logéiert ginn, dorënner 20 Männer an 11 Fra'en.

Den Housing-First-Projet, deen sech spezifesch u Frae riicht, ass vun der Caritas initiéiert ginn aus dem Constat eraus, datt esou eng Struktur aktuell zu Lëtzebuerg nach fehlt, fir de Besoin'en vun de concernéierte Mënsche gerecht ze ginn. Aus deem Grond a fir d'Offer kontinuéierlech auszebauen huet de Familljeministère decidéiert dës Projet finanziell z'ënnerstëtzen. Dës nei Struktur soll nach dës Joer seng Dieren opmaachen.

Och eng sëllege Wunnstrukture fir Einzelpersounen a Familljen a prekäre Situatiounen gi vum Familljeministère konventionéiert. 2021 konnten esou 4.545 Persoune logéiert ginn, dovunner waren 48,5% Männer an 51,5% Fra'en.

Lëtzebuerg, den 03.02.2022

Den Minister fir Famill an Intégratioun

(s.) Corinne Cahen